N°2301
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den 2. Mee 2025 huet d'ZEFI asbl (Zesumme fir Inklusioun) e Bréif un déi ëffentlech École Internationale Mondorf-les-Bains geschéckt, fir d'Situatioun vun engem Schüler ze klären, deen eng Diagnos vun Autismus Spektrum Stéierung (ASS) huet.

D'EIMLB huet d'Ufro vun der Aschoulung ofgeleent mat der Begrënnung, datt si keng spezialiséiert Ressourcen hu fir Schüler mat spezifesche Besoinen ze ënnerstëtzen, a datt d'S6-Klass op de Baccalauréat virbereet. D'Elteren an d'ZEFI asbl sinn awer der Meenung, datt eng inklusiv Scolarisatioun méiglech wier mat Ënnerstëtzung vun engem Assistent an der Interventioun vum CTSA.

D'Directioun générale de l'intégration huet fir de Schouljoer 2024/2025 eng Recommandatioun ausgestallt, datt de betraffene Schüler an eng 6e PF (classe de préparation francophone) orientéiert soll ginn. Wéinst der geographescher Distanz vun de proposéierte Schoulen, wier et am Interêt vum Schüler, datt e fir déi nächst zwou Joer an der EIMLB zu Munneref kéint aschoult ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Ministère iwwert dëse Fall informéiert a wat ass säi Standpunkt zur Inklusioun vu Schüler mat besonnesche Besoinen an den ëffentlechen Écoles Internationales zu Lëtzebuerg?

2. Wéi kann d'Commission nationale d'inclusion (CNI) an dëser Situatioun intervenéieren, fir déi néideg human Ressourcen zur Verfügung ze stellen?

3. Ginn et Richtlinnen oder Obligatioune fir déi ëffentlech Écoles Internationales zu Lëtzebuerg, fir Schüler mat besonnesche Besoinen opzehuelen an ze ënnerstëtzen, besonnesch wann d'Schoul déi eenzeg am Regioun ass?

4. Wéi garantéiert de Ministère, datt d'Recht op eng inklusiv Educatioun, wéi et am Lëtzebuerger Gesetz an an der UN-Konventioun iwwer d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerunge festgehalen ass, och an den ëffentlechen Écoles Internationales respektéiert gëtt?

5. Wéi vill Schüler mat besonnesche Besoine sinn aktuell an den ëffentlechen Écoles Internationales zu Lëtzebuerg aschoult a wéi eng Ënnerstëtzung kréien si?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten